rollingertec.
technologie & construction bois

70, rue des Prés
L-7333 Steinsel
T +352 333 366-1
F +352 332 762
info@rollingertec.lu
www.rollingertec.lu

Fir d'Equipe vum Bureau d'Études ze verstäerken, sicht rollingertec s.a.

# E BAUTECHNIKER MAT ERFARUNG (m/w)

Eis 1908 vum François Blum gegrënnte Firma gouf 1951 vum Henri Rollinger ausgebaut an ass haut eng Referenz am Bausektor um Gebitt vum Holzbau a Parachèvement.
rollingertec bitt Iech am Team vu sengem Bureau d'Études eng ofwiesslungsräich Aarbecht an engem agreabelen Ëmfeld.

**Är Aufgaben**

- Dir sidd responsabel fir d'Gestioun vu Projeten,
- Dir bedeelegt Iech um Plangen, der Koordinatioun, dem Suivi an dem Métrage vun eise Chantieren, awer och um Ausschaffe vun den Aarbechtspläng,
- Dir befaasst Iech mam Opstelle vu Commanden, Offeren a Bordereauen, an Dir këmmert Iech och em d'Relatioune mat eise Clienten.

**Dir sollt folgendem Profil entspriechen**

- Eng ofgeschlossen Ausbildung (BTS Bâtiment, Ingénieur, Zëmmermeeschter oder ähnlech),
- Grëndlech Kenntnisser vun den Normen, déi anzehale sinn,
- Eng Formatioun an den neien Technologie fir eng rationell Notzung vun der Energie,
- Mat MS Word an MS Excel schaffe kënnen,
- Offeren opstelle kënnen a wëssen, wéi een de Suivi vun engem Chantier mécht,
- Capabel sinn autonom ze schaffen,
- Dir sidd Neiem géigeniwwer opgeschloss a kënnt gutt ëmgoe souwuel mat der Clientèle wéi och mam Personal um Chantier,
- Dir musst onbedéngt Lëtzebuergesch kënnen, a wann Dir dobäi och nach Franséisch, Däitsch oder Englesch kënnt, sinn dat weider Pluspunkten.

Wann Dir denkt dësem Profil ze entspriechen, da setzt Iech direkt mat eis a Verbindung a schéckt ons Äre Motivatiounsbreif an CV eran.
Entweder per E-Mail un **info@rollingertec.lu** oder per Post un:

**rollingertec s.a.**
Recrutement
70, rue des Prés
L- 7333 Steinsel